



Luxembourg Art Week

Nina Tomàs Gewënnerin vum "Prix Révélation"

E Freideg den Owend gouf den Numm vun der Gewënnerin matgedeelt. Hei en Tour duerch d'Victor-Hugo-Hal an duerch den Tramsschapp ...

Leschten Update: 03.11.2017, 20:46:13

0 Commentaire(n)

E-Mail schécken

Printen

Tweet

Links

FOTOGALERIE: Andréck vum CAL & Luxembourg Art Week 2017.

AUDIO: Art Week: de Jean-Paul Schortgen vun der Galerie Schortgen

AUDIO: Art Week: De Tom Flick vu Sith Floor

AUDIO: Art Week: Hariko Reiny Rizzi a Joëlle Daubenfeld

AUDIO: Art Week: Galerie Michel Giraud Paräis/Lëtzebuerg



Fotoe kucken »

D'Gewënnerin Nina Tomàs virun hirem Wierk.
© Christiane Kremer

AUDIO: Art Week: Dany Prüm an Isabelle Federkeil

AUDIO: Art Week: Yoko Uhoda Léck/Knokke

AUDIO: Art Week: Den Alex Reding an déi lescht Preparativen

AUDIO: Art Week: de Salon vum CAL Marc Hostert

Themen

Kultur

Kultur: Am meeschte gelies

Haut [Gësch](#) [Dës Woch](#) [Lescht Woch](#)

1. Paus verlängert: Och 2018 ass kee Rock-A-Field-Festival!
2. Luxembourg Art Week: Nina Tomàs Gewënnerin vum "Prix Révélation"
3. Fotoen a Video: Blue Man Group am Groussen Theater ausverkaaft - Andréck!
4. FOTOEN: Ägypten: Risegen Huelraum an der Kheops-Pyramid fonnt ginn
5. Maacht en aussergewöhnleche Chrëschtkaddo: Schenkt Musek an zaubert e Laachen an d'Gesichter

Et ass dëst Joer schonn fir drëtt, datt de Lampertsbiërg um Ufank vum November den Zentrum vun der Konscht zu Lëtzebuërg gëtt.


Nieft Köln, Bréissel a Paräis huet Lëtzebuërg domadder och seng Plaz an der Groussregioun am zäitgenëssesche Konschtmarché.



National an international Galerïe ginn de Visiteuren dofir Rendez-vous an der Hal Victor Hugo. En Abléck an d'Schafe vun de Lëtzebuërger Kënschtler weist den traditionelle Salon vum CAL, dee seng Ausstellung gläich niewendrun am Tramsschapp huet.

E Freideg um 11 Auer sinn a béiden Halen d'Diere fir d'Art Week 2017 opgaangen.

An e Freideg den Owend gouf d'Nina Tomàs mam Prix Révélation geéiert. Dat ass e Präis fir jonk Kënschtler am Salon vum CAL.



Dat ausgezeecht Wierk vum Nina Tomàs.
© Christiane Kremer

Am Ganze sinn 29 national an international Galerien am Beräich "Positions" vertraueden an 20 méi kleng Konschtatelieren oder Kollektiver am Beräich "Take-Off".

Dozou gehéiert zum Beispill Sixth Floor, den Tom Flick.

Art Week: De Tom Flick vu Sith Floor



Net fir d'éischt derbäi sinn d'Kënschtler vum Projet Hariko, déi jo nach just bis Mäerz am Gebai zu Bouneweg kënnen bleiwen an op der Sich no enger neier Plaz sinn. Vlächtt hëlleft d'Artweek, op alle Fall geet et hinne gutt, wéi d'Reiny Rizzi erklärt.

Art Week: Hariko Reiny Rizzi a Joëlle Daubenfeld



Och fir déi international Galerien ass dës Foire an de Lëtzebuenger Konschtmarché intressant. D'Galerie Michel Giraud, originaire vu Paräis, ass fir d'éischte Kéier mat engem Stand vertrueden.

Art Week: Galerie Michel Giraud Paräis/Lëtzebuerg



Nieft dësem Stand ass d'Lëtzebuerger Molerin Dany Prüm och um "Take Off" Stand "Du Vague à l'Art reloaded", e Projet, deem se zesumme mat der Isabelle Federkeil lancéiert huet.

Art Week: Dany Prüm an Isabelle Federkeil



Fir d'Galerie Schortgen ass et schonn déi drëtt Participatioun an um Stand sinn haaptsächlech Kreatiounen vum Stéphane Halleux ze gesinn, dee jo mam "Monsieur" Houblot" en Oscar gewonnen huet.

Art Week: de Jean-Paul Schortgen vun der Galerie Schortgen



Déi jonk Galeristin Yoko Uhoda vu Léck/Knokke huet sech fir hir éischt international Foire bewusst Lëtzebuerg erausgesicht.

Art Week: Yoko Uhoda Léck/Knokke



Fir den Initiateur Alex Reding waren et an de leschte Stonnen vrun der Ouverture natierlech stresseg Momenter.

Art Week: Den Alex Reding an déi lescht Preparativen



Niewendrun am Tramsschapp ass de Salon vum CAL, bei deem dëst Joer 42 Lëtzebuerger Kënschtler mat hire Wierker vun engem Jury selektionéiert goufen. De Marc Hostert ass iwwer déi nei Plaz frou, och wann en d'Mëschung vun de leschte Joren op enger Plaz flott fonnt huet.

Art Week: de Salon vum CAL Marc Hostert



Äre Commentaire

RTL.lu

Lëtzebuerg
International
Meenung
Sport
Trafic
Meteo
Kultur
Life & Style

Radio

Lauschteren
Programm
Emissiounen
Musek
Fotoen
Informatiounen

Télé

Livestream
Programm
Emissiounen
Fotoen
Maacht mat
Informatiounen

5minutes.lu

LA UNE
GRANDE RÉGION
MONDE
5MINUTEZ-VOUS
CULTURE
SPORT
5MINUTES PLUS
DÉCOUVERTES

Espace publicitaire



Vous souhaitez faire de la publicité sur
RTL.lu ? Prenez contact directement avec
notre régie publicitaire IPLuxembourg

Follow us

Auto
Fotoen
Service



RTL

[Feedback](#) | [Conditions d'utilisation](#) | [Privacy](#) | [Netikett](#) |

ciM internet